10.05.2007



# 100 Joer
# Harmonie Concorde Sanem
## 1906 - 2006

Archives
Commune de Sanem
N° 30

*Sous le haut patronage de L.L.A.A.R.R. le Grand-Duc et la Grande-Duchesse, du Ministère de la Culture, de l'Union Grand-Duc Adolphe et de la Commune de Sanem*

# Et ass eisen net

21 Suessemer Jonge goufen am leschte Weltkrich vun de Preisen agezunn. Si koumen zum Gléck all erëm heem, mee haut liewen der nëmmen nach e puer vun hinnen : de Louis Baustert, de Marcel Reicher, de Jos. Roth an de Camille Simon. Jiddferee vun hinnen huet seng Geschicht, seng dramatesch Erliefnesser aus där schwéierer Zäit, mee hei wëll ech emol eng kleng Anekdot erëmginn, déi de Marcel mer erzielt huet.



De Marcel a seng Gesëschter haten den 3. Mee 1940 e Bridderche kritt an e sollt Will genannt ginn. Wéi d'Preisen den 10.Mee Lëtzebuerg iwwerfall hunn, waren de klenge Will a seng Mamm nach an der Maternité zu Déifferdeng. De Papp huet sech Gedanke gemaach a wollt seng Fra a säi jéngste Kand esou séier wéi méiglech heem huelen.

Am Hanebësch tëscht Suessem a Nidderkuer louche Fransousen a Marokaner an d'Strooss war gespaart.

„Vläicht kënnt de Charel duerch," sot de Papp. Hien huet dobäi un de Charel Kirschenbilder geduecht, deen déi Zäit schonn en Auto hat. De Charel huet eng Fläsch Cognac fir de franséischen Offizéier an d'Täsch gestach a si hu sech op de Wee gemaach. Mee si koumen net direkt duerch, well d'Strooss ënnerminnt gouf. Wéi se du schliisslech an der Maternité ukoumen, hat do just eng Granat ageschloen an d'Mammen an d'Puppelcher sinn an de Keller evakuéiert ginn. Dee klenge Will an e puer aner Kënnercher waren nach net erofbruecht ginn. Den Néckel gong duerfir selwer direkt an d'Pouponnière fir säi Jong matzehuelen. Do stongen just nach dräi Bettercher an hien huet sech e Kënnchen gegraff an huet seng Fra am Keller ofgeholl.

Spéider, wéi de klenge Will méi grouss war a scho mat senge Geschwëster spille konnt, ass et och alt emol Sträit ginn. A wann déi eelst Kanner, déi jo déi dramatesch Rettungsaktioun aus der Maternité matkritt haten, net mam Will d'accord waren, sote se ëmmer erëm zum Papp:
„Et ass eisen net."
Mee dat huet den Néckel net gëlle gelooss. Do hat hien e staarkt Argument géint dat d'Kanner net ukoumen:
„Et waren nëmmen dräi Bettercher do. Zwee waren der rosa an eent blo. An

deene rosa Bettercher louchen d'Meedercher. Ech hunn de Puppelchen aus deem bloe Bettche matbruecht."

Do hu si sech wuel oder iwwel misse mat deem klenge Will als Brudder offannen, mee dat huet net verhënnert, dass si dee Jéngsten ëmmer erëm mat der Bemierkung „et ass eisen net" a Fro gestallt hunn, wann deen emol net grad no hirer Päif danze wollt.

*Agnès KRALJ-MAJERUS*